eng KLACK fir eis SPROOCH
33. Joer
Nr. 323

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
**E-Mail:** actioun@letzebuergesch.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu

**Cotisatioun: 20 €**
**CCPL LU75 1111 0066 4448 0000**
**BCEE LU52 0019 1000 7250 4000**

**Eise Comité:**
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Samuel Bost, Patrick Ehleringer, Angelo Holzem, Astrid Holzem-Lang, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)

**Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch“**

**Nächst Klack (Nr. 324): Samschdes, den 3. Oktober 2026**




*Samuel Bost, Patrick Ehleringer, Suzette Schmit-Lehnertz, Claude Bache, Lex Roth, Patrick Kaell a Yury Miny (vu lénks no riets).*
(Foto: AL)

# Eis Generalversammlung 2026

Den 13. Juni hat d'AL hir Generalversammlung an der Buvette vum Centre Altmann zu Hesper. Eng ganz Rei Memberen haten de Wee dohinner fonnt. De President Claude Bache huet a sengem Réckbléck op d'Joer 2025 vrun allem d'Actioun vum „Lëtzi", engem Kichelche fir eis Sprooch, ervirgestrach, deen extra fir den 1. Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch maache gelooss gi war an an deen e grousse Succès hat. Hien huet och ënnerstrach, datt déi kuerz Video-Clippen iwwer eis Sprooch, déi zënterhier op de Soziale Medie lafen, bis elo schonn iwwer eng Millioun mol ugeklickt goufen.

De Sekretär Patrick Kaell huet en detailléierten Aktivitéitsrapport virgeluecht, dee gewisen huet, wéi äerdeg d'AL am Joer 2025 nees war. Datt d'Keess gesond ass, hunn d'Keessreviseure bestätegt.

Ganz besonnesch hu mir äis gefreet, datt net nëmmen de Claude Bache an de Lex Roth hiert Mandat am Comité fir dräi Joer erneiert hunn, mä datt sech vrun allem och dräi nei Membere fir an de Comité gemellt hunn: dee jonke Samuel Bost an d'Astrid an den Angelo Holzem. Bei engem gudde Pättchen an engem Maufel aus dem Virwëlzbrout hunn d'Memberen nach dëst an dat iwwer d'Lëtzebuergescht zur Sprooch bruecht. *AL*

# Letzeboiesch TODAY (1)

Dat schwangert Meedchen huet dem Gemengepapp e Liichtbild gewisen: „Wéi soll ech spéiderhin hei mat mengem Kannerwon laanscht kommen, wann esou Leit ëmmer erëm mat hirem Wunnwon hallef um Géihwee an hallef an der Fuerbunn parken?"

„Dat ass net schlëmm", sot de Gemengepapp: „Mir maachen deemnächst sewisou iwwerall Rüttelschwellen hin, an de Biergersteeg gëtt um Rand ofgeflaacht, da kënnt Der ouni Problemer mat Ärem Neigebuerenen op d'Fuerbunn eroffueren.

An direkt hannert der rietser Wand do hannen, do wou déi nei Refugiéesfamillen agezu sinn, maache mer an noer Zukunft en Handwierkerhaff mat engem Shared Space virdrun, fir den Duerfzentrum nach méi ze securiséieren an eise Kanner an Enkelkanner nach méi Fräiraum ze ginn. An där Ugeleeënheet hat ech schonn Abléck an d'Pläng, a méi wéi ee Meeting mam CEO vun där Ënnerhuelerfirma".

„Dann hutt Dir do jo nach e schéinen Challenge virun lech! Dir maacht also elo Step fir Step iwwerall Katzhiwwelen hin, fir déi schnell Autoen rechtzäiteg op d'Geschwindegkeet vun enger Schildkröt ofzebremsen, an ech soll da mat mengem Kand d'Fuerbunn betrieden! An dann och nach déi Lärmbelästegung, wa se dono erëm lassfueren a beschleunegen!".

„Dat ass lech selwer iwwerlooss! Dir kënnt lech jo och bei der Police beschwéieren a letztendlech op si waarden. Mee bis déi do sinn, dat dauert, bei deem Trajet, dee se hunn; si hu jo keng Déngschtstell méi hei am Kulturhaus".

„Ma da wäerte si oder hiren Agent municipal sech doranner zurecht fanne mussen, dass ech se méi wéi eng Kéier ruffe wäert! Well och méi a méi aner Leit parke ‚just kuerzzäiteg' um Biergersteeg, fir bei d'Dokterin e Rezept sichen ze goen an et da bei der Apdikterin anzeléisen. Ech wäert jiddefalls net op d'Strooss auswäichen!"

„Egal wat Är Vue ass, mir schaffen dat, well un éischter Stell steet fir eis Gemeng d'Work-Life-Balance an dann och fir dës duerch Soft Skills ze valoriséieren! Esou hu mir z. B. ënnert anerem d'Seuile fir d'Primmen an d'Eligibilitéit fir de soziale Wunnengsbau ajustéiert. Mir setzen eis deementspriechend also net nëmme fir déi Wuelhabend an, mee fir all Mënsch hei aus der Gemeng."

„Wann dat esou ass, dann hunn ech jo besser am Laf vum nächste Sonndegmoien de Geeschtlechen am Gotteshaus opzesichen, mat him e leckert Glas Wäisswäin ze drénken an en ze froen, ob en net am nächste Gottesdéngscht fir mech a main Nowuess biede kann!" *P. E.*

***Fannt Dir d'Ausdrocksweis an der Rei oder net? Schéckt äis Är Commentairen a Proposen (oder soll ee Virschléi soen?), wéi een et besser maache kéint, op actioun@actioun-letzebuergesch.lu oder kommentéiert dëse Bäitrag direkt op de Soziale Medien.***

***Dir kënnt äis awer och eng Postkaart (och mat méi wéi 5 Wierder☺) oder e Bréif mat Äre Proposen op eis Postadress schécken.***

# Vu Bomien a Kandskanner

Am Summer gëtt ausgeschalt, zougemaach, Zäit fir Vakanz a Familljefester. D'Famill kënnt zesummen, Kanner a Kandskanner, Tattaen a Monnien, de Pätter an d'Giedel, Kosengen a Kusinnen. Net all fueren se fort. Bei eis ass et **déi Kéier** „Terrazzo a Balkone".

Déi eng gi bestuet, déi aner feiere Gebuertsdag. Zäit fir Frënn, mir grillen, mir **schnëssen,** mir wiermen Erënnerungen op. **Fester soll ee feiere wéi se falen**, eng al Lëtzebuerger Ausdrocksweis.

Wann déi eeler Generatioun beieneen ass, dann ass „d'Gefor" grouss, datt et fréier oder spéider ëm d'Krankheete geet. De Schwoer fänkt un: „Ech hunn elo kuerz de Jemp begéint, dee gesäit **schappech** aus."

Dat wollt ech verhënneren, d'Liewen ass scho komplizéiert genuch, an an der Vakanz bei schéinem Wieder loosse mir **d'Boboen** op der Säit.

Ech wollt eppes Positives draus maachen a sot: „Ech war bis **elo** viru Kuerzem beim Kiné, **ewell** geet et mir rëm gutt, en huet mir gutt gehollef." De gudde Virsaz war do, mä leider war et schonn ze spéit. Do war näischt ze **radetten**, d'Stéchwuert war gefall, ech konnt wat dat ugeet **elle wéineg dergéint maachen**. Du goung et iwwer operéiert Häften, Häerzklappen, Groe Star, Réckwéi ...

Dozou mengt **d'Schnauer**: „ Jo, jo, am Ufank e Geméisgaart, duerno en Hochbeet an zum Schluss eng Blummewiss." Dat geet mir net méi aus dem Kapp. Onrecht hat et zwar net.

Ëm Gottes Wëllen, dat eleng däerf dach net den Alter ausmaachen! Loosse mir dat!

Ech wollt d'Thema wiesselen: Ech hunn **dës lescht** Kabes an de Gaart gesat (meng Mamm huet **Kéil** gesot), d'lescht Joer war en näischt ginn, an dës Kéier gesäit en och net gutt aus, en ass ganz **daierlech**. De leschten **Ablack** hunn ech mech op d'**Zong gebass** an de **Mond gehalen**.

Sou kënnt ee **vun Hippches op Haapches**, oder wéi nach gesot gëtt, **vu Pontius op Pilatus**. *S. L.*

# Vakanz

***Lo gëtt et Zäit, Vakanz ze maachen,***
***du kanns se brauchen, léiwe Frënd!***
***Et wier dach wierklech fir ze laachen,***
***Wann een sech dat net leeschte kënnt.***

***Du brauchs dir keng Landkaart ze kafen,***
***'t ass ganz egal wouhin ee fiert.***
***Et huet kee Wäert, fir wäit ze lafen,***
***well 't gëtt een iwrall ugeschmiert.***

***Déi éischt Woch ass et auszehalen,***
***déi zweet Woch geet den Zodi lass:***
***Däin Hôtel kann dir net gefalen,***
***obschonns en zimmlech deier ass.***

***Du fänks mam Garçon un ze streiden,***
***de Kascht hänkt dir zum Hals eraus,***
***du kanns de Klima net méi leiden,***
***du häls et einfach net méi ausg.***

***A bass de owes wéi zerschloen,***
***an hues du nuets déi schlëmmsten Dreem,***
***dann héiert een dech heemlech soen:***
***Mäi Gott, wier ech rëm gutt doheem!***

*Pol Putz (✝ 2012)*



# D'Kläckelchen 323

(eng Rubrik fir déi Jonk, a fir déi, déi sech jonk fillen)

**Wat ee Chaos! De Fränz huet e puer Spréchwierder duerchernee gehäit. Kënnt dir dem Fränz hëllefen an him soen, wéi dës Spréchwierder richteg heeschen?**

- *Et gëtt méi Ketten, wéi rose Kazen.*
- *Een Af mécht der dausend!*
- *Kënns de net haut, da kënns de gëschter!*
- *Et fänkt ee méi Mécke mat Hunneg, wéi mat Ueleg.*
- *An der Nuecht sinn all Koze gro.*
- *D'Guttheet ass e Stéck vun der Gescheitheet!*
- *Déi bescht Réit kommen ëmmer herno, wéi déi stramm Geessen!*
- *Ween A seet, muss och Z soen!*
- *Grénge Chrëschtdag, wäisse Kleeserchersdag.*
- *Et keeft ee keen Hond am Sak!*
- *Papaya ass gedëlleg.*
- *Wann de Bauer et kennt, da frësst en et!*
- *D'Bier fält net wäit vum Bam.*
- *Och e blannt Hong fënnt alt emol e Kärel.*
- *All Dëppe fënnt seng Decken.*

*P. E.*